



D'Maacher Musekschoul invitéiert ganz häerzlech op den

BENEFIZ- OFSCHLOSSCONCERT vum Schouljoer 2011/2012

**en Donneschdeg, den 12. Juli 2012 um 19.00 Auer
am Centre Sportif et Culturel zu Gréiwemaacher.**

Et spillen a sängen all d'Ensemblen a Klassen aus der Maacher Musekschoul

Vum 15. op den 20. Mee 2012 huet de Guitars Quartett « Hannah P. & die 4-Tuosen“ um XI. europäeschem Jugend Musikfestival „ALLEGROMOSSO“ an der Region Emilia Romagna an Italien, deelgeholl. An der Nuecht virun der Oofreess gouf d'Regioun vum éischte schwéieren Äerdbiewe getraff. Dono koumen nach eng ganz Rei Nobiewen, déi all ganz vill Schued ugeriicht hunn.

De Verband vun de Musekschoulen aus der Region „Assonanza“ mat Haaptsätz zu Mirandola, setzt sech an, fir de betrouffene Kanner weiderhin en normaalt liewen ze erméiglechen, sou datt si och weiderhin hier Musekscourse kenne besichen.

Mer wëllen déi Aktioun „Hëllef fir Mirandola“ ënnerstëtzen, an deem mer nom Concert eng Quête fir diesen Zweck maachen.

Wann der net um Concert deelhuele kennt an d'Aktioun awer ënnerstëtze wëllt, kenn der dat gäre maachen, mat engem Don un d'„Frënn vun der Maacher Musekschoul“ asbl (BCEE LU73 0019 3555 5805 6000), mam Vermierk „Hëllef fir Mirandola“. D'Suen ginn integral un „Assonanza“ weidergeleet.

Grousse MERCI am Viraus.